Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# Rapport vun der Generalversammlung vun der TKS vum Donneschden den 3. Juli am Keelenzenter zu Péiteng.

1. **Eröffnung vun der Generalversammlung**

   De President mécht d'Generalversammlung um 19:00 a begréisst d'Delegéierte vun de Veräiner

2. **Kontroll vun de Präsenzen**

   All d'Veräiner vun der Saison 2024/2025 si vertrueden. Derbäi sinn och d'Delegéierten vum KC Havana an dem QC Dampicourt, di ab der nexter Saison nei am Championnat deelhuelen.

3. **Réckbléck op d'Saison 2024/2025**

   a. **Championnat**

   De Joker 86 an de KSC Honnerter-Performance sinn  Landesmeeschter ginn.

   b. **Coupe**

   An der Coupefinall konnt sech de KSC Honnerter-Performance géint d'Amicale Post duerchsetzen.

   c. **Eenzel- an Tandemmeeschterschaften**

   D'Eenzel- an d'Tandemmeeschterschaften sinn ouni Problemer iwwer d'Bün gangen. De President huet dobäi awer och e grousse Merci un all di Spiller ausgeschwat, di während den Ausscheedungen an de Finallen matgehollef hunn fir opzeschreiwen.

   d. **International**

      i. **NBS**

      Nodeems d'lescht Joer an der Versammlung vun de Länner bei der WM zu Herne an der NBS-Konferenz vill Kompromëssléisungen fonnt gi woaren, musse mär leider feststellen, dass di Verantwortlech vun der NBS sech net un dës Ofmachungen halen. D'Fro stellt sech, op et iwwerhapt nach mat hinnen un en Dësch setze soll.

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
WILWERT
depuis 1952

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

#### ii. World-Cup

De Joker 86 an den Honnerter-Performance sin beim World-Cup zu Sao Paulo ugetrueden, wann och net mat der beschtméiglecher Besetzung. Et ass schued, dass verschidde Leit der Meenung sinn, dass dëst keng Reklam fir de lëtzebuerger Keelesport gewiecht wier. D'Haptsaach woar, aus Respekt fir eis brasilianesch Kollegen, derbäi ze sinn. D'Häerzelechkeet an di gudd Stëmmung vun de Brasilianer hunn eis och gewisen, dass si eis Präsenz héich appreciéiert hunn.

## 4. Éierung vun den Ekippelandesmeeschter

De Joker 86 an de KSC Honnerter-Performance kruten eng Coupe iwwerreescht

## 5. Neit Reglement fir d'Saison 2025-2026

### a. Propositioun Bieles 2000

Bei der Versammlung iwwer d'Reform vun eisem Reglement woar e Virschlag vum Klub Bieles 2000 net genau esou formuléiert ginn, wéi si dat virgesinn haten. Dobäi goung et drëms, dass d'Veräiner aus der ieweschter Divisioun kéinten alleng ofstëmmen fir Ännerungen, di dann och just nëmmen di iewescht Divisioun géife betreffen. Et woar deemols festgehale ginn, dass dëse Punkt dann an der Generalversammlung nach eng Kéier zur Ostëmmung kéim.
2 Veräiner hu fir dëse Virschlag gestëmmt, all di aner dogéint. Domat gëtt dëse Virschlag net ugeholl.

### b. Propositioun KSC Bourscheid

De KSC Bourscheid schléit vir, dass d'Finallen net méi op de Bunnen 3-6 zu Péiteng gespillt solle ginn, méi ofwiesselnd op de Bunnen 1-4, 5-8 an zu Schlënnermaarnecht. Dëst gëllt och fir d'Coupe an eventuell Halleffinallen.
5 Veräiner sinn dofir, 2 dogéint an 2 hu sech enthalen. Domat ass dëse Virschlag ugeholl.

## 6. Kalënner 2025/2026

| | | |
|---|---|---|
| **Mëttwoch 27/08/2025:** | **18:15** | **Auslousung LN-Coupe de Luxembourg** |
| | **18:30** | **Mätscher festleeën ND** |
| | **19:00** | **Mätscher festleeën EP** |
| | **19:30** | **Mätscher festleeën PR** |

**Partenaires de la F.L.Q.**

LOTERIE NATIONALE — hummel www.lupa69.com — WILWERT depuis 1952

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

7. **Fräi Aussprooch**

   a. **Neie President**

   De Jacques Thill gëtt als nei President vun der TKS virgestallt a vun der Generalversammlung ugeholl. De Jean-Marc Hoffmann kritt als scheedende President Merci fir säin Asaz gesot.

Nom Ofschloss vun der Generalversammlung kruten d'Delegéierten nach e Formulär d'Autorisatioun ze ginn fir hir perséinlech Donneeën kënnen ze publizéieren. Dëst gëtt vum Gesetzgeber am Kader vun der „Protection des données personnelles" verlangt.

En zweete Formulär gouf verdeelt, fir dass Benevolën sech kënnen aschreiwe loossen, fir eng Hand bei de verschiddenen Organisatiounen ze hëllefen.

**Fir d'TKS**

**Jean-Marc Hoffmann**